N°4401
Entrée le 07.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4401 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

1. **Ass den Här Minister bereet, de Lucet-Rapport spéitstens virum 9. Juli 2026 ze publizéieren, sou datt d'Elteren op enger informéierter Basis entscheede kënnen?**
2. **Wann eng Publikatioun virum 9. Juli net méiglech ass: ass den Här Minister bereet, de Wal-Delai fir déi betraffe Familljen ze verlängeren, bis d'Resultater ëffentlech sinn? Wa nee, firwat net?**
3. **Ass et virgesinn, datt Elteren, déi hir Wal scho virun der Publikatioun vum Rapport getraff hunn, dës nach eng Kéier iwwerdenke respektiv ännere kënnen, wann sech aus dem Rapport wesentlech Erkenntnisser erginn?**
4. **Wat sinn d'konkret inhaltlech Grënn fir den Embargo bis Mëtt Juli, wann d'Zousatzanalysen, déi de Lucet gemaach huet, just d'Zouverlässegkeet vun de Resultater laut der Lucet-Direktesch confirméieren?**

Et ass nët richteg ze behaapten, datt Elteren an der kommender Woch eng Decisioun missten huelen, iwwer d'Alphabetiséierungssprooch vun hierem Kand.

Déi éischt Cohorte, wäert eréischt am September 2027 op Franséisch oder Däitsch alphabetiséiert ginn. Déi nächst Echéance ass, datt d'Elteren déi am kommende Schouljoër en Kand am Cycle 1.2 hun, tëscht Januar 2027 an Abrëll 2027 decidéieren, a wéi enger Sprooch hiert Kand soll alphabetiséiert ginn, fir datt an dem leschten Trimester vum Cycle 1.2 nach eng geziilt Sproochförderung a Richtung vun der Alphabetiséierungssprooch kann ënnerholl ginn.

D'Publikatioun vun de Rapports d'évaluation zu dem Projet ALPHA ass fir de kommende Méinden, den 13. Juli virgesinn. D'Chamberkommissioun vun der Educatioun ass schonn fir den 14. Juli aberuff, wou d'Députéierten alleguerten d'Rapporten virgestallt kréien.

Wéi de Minister schonn op d'parlamentaresch Fro Nr. 4237 geäntwert huet, ass et keng Décisioun vum Educatiounsministère gewiescht, fir de Rapport eréischt am Laf vum Mount Juli ze publizéieren, mee eng gemeinsam Décisioun vum *LUCET Steering Commitee* an der Sëtzung vum 7. Mee 2026. De *Steering Commitee* setzt sech aus Vertrieder vun der Uni.lu, dem Héichschoulministère an dem Educatiounsministère zesummen. De Grond dofir war, datt de Rapport an engem *Peer Review*-Prozess vun anere Fuerscher nach sollt iwwerkuckt ginn.

Lëtzebuerg, de 7. Juli 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH